

## Eist Spill: wat? wou?

D'Photo aus der KLACK 114 weist eng Skulptur (haut-relief) mat Mäerchefiguren, déi de Kënschtler Aurelio Sabatini 1951 **iwwert der Paart vun der Wëlzer Primärschoul** gemaach huet. Vun 19 Leit, déi sech gemelt hunn, war de Charel Kremer vu Wolz deen Eenzeg, deen déi richteg Äntwert hat... an säi Bicherpräiss geschéckt kritt!

Da gitt iech hei emol nach eng Kéier drun; d'Äntwerte mussen e Méindeg, de **5. Dezember** tëscht 9.00 an 13.00 iwwer Fax oder E-mail era kommen. Vill Chance!



(Photo M.V.)

## décksen

**Kachen a brachen** ass eng flott Saach. Mir dierfen äis och bewusst sinn, datt "brachen" ee vun eisen typesche lëtzebuergeschen Ausdréck ass, déi iwwert eise Grenzen ewech kee méi versteet... grad esou ass et mat der "Brach" an all hire Sprooch a Meenungsvarianten.

An der Kiche guff a gëtt et hei nach ëmmer eng Hellewull Wieder, déi fir eis Mammen a Groussmamma ganz normal am Gebrauch waren... déi leider ower **duerch d'Kachbicher an d'TV-Kichenemissionen an de Vergiess** rutschen. Schued, well just op der TV kënnst een zum Beispill grad op esou Ausdréck weisen. Een dovun ass "**reduzéieren**", woufir leider och ëmmer méi vun "**andécke**" geschwat gëtt: eisen Hank, iwwerall ze liicht a muttwëlles däitsch Wieder an d'Lëtzebuergesch era rétschen ze loosse, oder sech mat franséischen Ausdréck méi eng fein Nues ze verschafen. Muss dat sinn?

Wann eng Zos ze leefeg (!) ass, da loosse mir si nach op der Hëtzt stoen, fir datt nach Flëssegheet / Waasser verdämpft. Da gëtt et der zwar manner (fr. réduire), mä si ass méi déck (dt. eingedickt). Do ass ower am Lëtzebuergesch nach ëmmer vun «déckse» geschwat gin an net vun "andécken"! Solle mir als sympathesch **Udenken un eis Mammen a Bomiën** net och deen Ausdréck an Éieren halen? Vläch wieren an den nächste Kachbicher e puer "Vokabelssäiten" an deem Sënn guer net vu Muttwëll. Mir hëllef! ■ P.W.

## Geet et oft schnell... oder dacks séier?

Den Här Jean Hiltgen, en treie KLACK-Lieser vu Lama-delaïne (Rolleng/Péiteng), huet äis gefrot, ob mir näischt kënnt géint dat ladderegt **SCHNELL** maachen. Zum Beispill "um Radio". Dach, mir kënnen eppes maachen, ower nëmmen hei an der KLACK oder an engem Lieserbréif. Ob et eppes déngt? Vläch hëllef e lëschtgegt Beispill eng Grimmel:

*Als Kanner hu mir äis oft oberhalb vun engem Ofhank andauernd schnell em äis selwer gedréint, bis datt mir schwindlig waren, sinn dann emgefäll an hunn äis erof wälze gelooss.*

An engem zerguttsterte Lëtzebuergesch giff dat ongeféier: **Als Kanner hu mir äis dacks uew(en) engem Rambli an engem Stéck séier em äis selwer gedréint, bis et äis dronkeg / schwämmeleg guff, an dann hu mir äis erofrulle gelooss.**

Domat soll elo jidderee maache wéi hien denkt... a vläch och emol e Lieserbréif mat sengem éierlechen Numm an d'Zeitung ginn. Da sinn et net emmer déiselwech «Granzkäpp»... et brauch een säin eegenen Zivilcourage dach net ze fäerten! ■ L.R.

**Mir gi gewuer, datt der en etlech vun eise Membren a Sponsoren d'Buch vum MONUMENT RODANGE / REENERT (nach) net kritt hunn.**

**Mir sinn amgang, deem Mëssel op de Fong ze goen an invitéieren déi "vergiesse" Frënn, sech op enger vun eisen Adressen ze melden.**  
Merci

## Ceterum censeo... ?

Eng kleng Explikatioun: De Cato (Censorius) war e réimesche Politiker, deen déi al Réimer Joerzénge laang fest am Grëff hat. Hien huet an de Carthager a Carthago (haut ongeféier Tunis / Tunesien) mat Recht déi gréisst Gefor fir d'réimescht Räch gesinn. Egal wouriwwer de «Chef» Cato eng Ried gehal huet, säi leschte Saz soll ëmmer déiselwech Fuerderung gewiescht sinn: *Ceterum censeo Carthaginem esse delendam* = «iwwersinn ech der Meenung, datt Carthago zerstéiert muss ginn!» Dee Saz géllt haut weltwäit, a senger Ofkierzung "**Ceterum censeo...**", fir eng Saach, an deer een net wëlles ass, d'Knëppele bei d'Tromm ze geheien.



**Eisen "ceterum censeo": d'Lëtzebuergesch Sprooch an der Constitutioun vum souveräne Grand-Duché Lëtzebuerg.** Vun deser KLACK u steet déi Fuerderung all Kéier fett gesat dran. **Mir ginn äis net**, bis eis Sprooch klor, verständlech a verstänneg am Artikel 29 vun eise ieweschte Gesetz steet. Mir hunn – am direkte Sënn vum Ausdréck – demokratesch, héiflech, fein manéierlech, frëndlech a frëndschaflech, dofir gefrot, gegëmmert a gebiedelt! Mir waren a Gesprécher bei de Chamber-Fractiounen vun der CSV, der LSAP, der DP, dem ADR a fir d'lescht beim Här Chamberpresident; och fir déi GRÉNG hu mir äis prett gehal a waarde gedëlleg op hir Invitatioun. **Net een eenzeg Deputéierte vun de Fraktiouns-Delegatiounen ass géint eis Sprooch an der Constitutioun gewiescht!** Si waren esouguer riichteraus dofir, den Här President Lucien Weiler och! Wa mir dat esou däitlech hei schreiwien, dann ass et fir d'Wouerecht vun dese Behauptungen ze ennersträchen... an net an de Vergiess fallen ze loosse.

**Eis patriotesch Organisatiounen**, vun der LPPD, de Resistenzleit an den Enrôlés de force bis bei de «Comité directeur du souvenir de la résistance» sinn an deser identitär wichteger Initiativ engagéiert. Si misste jo och am beschte wëssen, em wat a wéivill et geet. Mir hunn also eng Zort "**Lobby**", fir eiser Sprooch an d'Verfassung ze hëllef. Mat deer Stäip wier et natierlech och denkbar, datt een eng national Ënerschrëft-Actioun fir e Referendum kënnst op de Wee bréngen... et bleift ower ze hoffen, datt dee Wee äis erspuert bleift. Dat géng jo gelungenerweis an senger Form – just emgedréint! – un den 10. Oktober 1941 erënneren. Sou wait brauch / dierft et ower net ze kommen.

**Mir ginn äis net, well mir spieren, wéi wichtig eis Sprooch fir d'Identitéit vun eise Staat no bannen an no bausse war, ass a bleift.** Eis Linn ass déiselwech wéi déi vun de 97% Lëtzebuergesch, déi eiser Sprooch 1941 enner Liewesgefor hir Stëmm ginn hunn. Natierlech ouni d'Gefor! Net fir näischt feiere mir dach héich offiziell all Joer eng «Journée de la commémoration nationale», fir un den 10. Oktober 1941 ze erënneren... mä wéi ass et dann haut mat der Ursach, mam Fong vun deser Commémoratioun? Mir brauche jo zwar net méi ze fäerten, datt en aneren äis schléckt... ower **an enger EU vu 25 a méi Länner gi mir identitär enner**, wa mir net weisen, datt mir en eegent Gesiicht hunn. Dat wëlle mir respektéiert hunn... esou wéi mir och allen «aneren» eise Respekt schëlleg sinn. ■ L.R.

## Endstatioun?

**Mir hunn eis Eisebunn gär, a mir wënschen der CFL an hire Leit dat Allerbescht...** no all deem, wat een esou an der Lescht héiert, kënnen si eis éierlech Wënsch jo brauchen!

Ower: Stellt iech vir, dir kommt als Fransous oder Belsch mat engem vun deene kamouten Direkt-Zich vu Paräis, Stroosbuerg oder Bréssel zu Lëtzebuerg un. ... **ENDSTATIOUN!** Pardon?


Alt erëm deer Fäll een, wou mir ouni Kéier a Krëmmel en däitschen Ausdréck / Gebrauch erriicht an d'Lëtzebuergesch eran huelen. Aplaz emol driwwer nozedenken, datt net jidderee Däitsch versteet. Ok, mir hu keen Ausdréck fir "Endstation", mä muss et da grad den däitsche sinn? Et gëtt een, deen op d'mannst 3 Milliarde Mënschen op der Welt verstinn: **TERMINUS!** Am Engleschen och nach **TERMINAL.**

Hei hu mir et ganz klor mat enger laténgescher Wuerzel ze dinn, déi sech international ausgewess huet. Et ass e bëssen d'Fro vu «*Fernseh*» an *Télévision*, vu "*Fernsprecher*" an *Téléphon*... et versti ronn 3000 Milliounen Mënschen dat eent, ower nëmmen ca.140 Milliounen dat anert! Also: Der Eisebunnsdirectioun soe mir merci fir den **TERMINUS** Lëtzebuerg! ■ H.M.

## Filleul / Patensohn

An de Relatiounen bannent der Famill huet all Sprooch hir Ausdréck. Eis och. Leider muss ee feststellen, datt déi Wieder an eiser Sprooch plazeweis um Wackele sinn. Et gëtt vill, mat deenen der Krämpes hunn... sou wéi den Här Aloyse Theisen vum Kierchbierg.

Mir wëssen z.B., datt "*Pätter ginn*" e puer Bedeuten huet. "*Pate*" am Däitschen ass och zweespuereg. Wéi heescht dat franséisch "*Filleulle*" bei äis, den däitsche "*Patensohn* / *Patentochter*"? Dat ass de "**Pätterchen**" an d'"**Giedelchen**"... vergiessst se net fir d'Feierdeeg! De "**Këndel**", deen d'Dafkanner an der Zäit vun hirem *Pätter* oder der *Giedel* kruten, ass husch: E grouse Boxemännchen, deen als "Bauchknäppchen" e Geldstéck agebak krut... mä drudelt emol papeiers €-Schäiner mat an e Wuelstands-Kuchemännchen!



## Deutsch-luxemburgisches Wörterbuch

Das unentbehrliche Nachschlagewerk mit 35.000 Stichwörtern und Wendungen.

- von Experten ausgearbeitet
- neuester Stand der deutschen und luxemburgischen Rechtschreibung
- am heutigen Sprachgebrauch orientiert
- Berücksichtigung der Fachsprache (Informatik usw.)
- Angaben zur Aussprache und zur Phonetik des Luxemburgischen

Für jeden, der sich beruflich oder privat mit der luxemburgischen und der deutschen Sprache befasst, stellt dieses aktuelle Wörterbuch der éditions saint-paul ein zuverlässiges Nachschlagewerk und einen praktischen Ratgeber dar.

**39,50 €**

Im Buchhandel oder portofreie Lieferung bei Überweisung auf das BCEE-Konto saint-paul luxembourg LU61 0019 1300 6666 4000 (bitte Titel angeben).